

Prestation de serment de Son Altesse Royale le Grand-Duc Héritier comme Lieutenant-Représentant du Grand-Duc conformément à l'article 58 de la Constitution du Grand-Duché – Discours du Président de la Chambre des Députés – 8 octobre 2024

Monseigneur,

Haut ass en Dag, wou Lëtzebuerger Geschicht geschriwwe gëtt.

E wichtegen Dag firlech, mee och fir all Lëtzebuerger a fir all Leit, déi zu Lëtzebuerg wunnen.

26 Joer no Ärem Papp gitt Dir haut Lieutenant-Représentant.

Mat der Decisioun vum Grand-Duc, fir elo e Stellvertrieder u seng Säit ze huelen, geet d'Traditioun vun engem doucen Iwwergang vun de Pouvoiren un der Spëtzt vum Land vun engem Règne zum nächste weider.

Eng Traditioun, déi et soss bal néierens gëtt an déi 1841 an d'Constitutioun ageschriwwe ginn ass, zu enger Zäit, wou d'Lieutenance haaptsächlech gehollef huet, fir datt de Grand-Duc, deen déi Zäit och nach hollänesche Kinnek war, konnt e Représentant zu Lëtzebuerg hunn.

Tëscht 1850 an haut hate mir bis elo 5 Lieutenancen. Eng Traditioun, un där d'Chamber och 2023 bei der Ännerung vum Text vun der Constitutioun wollt festhalen an déi een haut am Artikel 58 eremfënnt.

D'Traditioun leeft also weider, mee haut ass et déi éischte Kéier, datt e Grand-Duc Héritier den Eed virun der ganzer Chamber, an enger öffentlecher Sitzung, ofleet.

Dat wollt d'Parlament esou. Well dëse Moment symbolesch an demokratesch wesentlech ass. Är zukünfteg Fonctioun kritt doduerch déi néideg Legitimitéit.

De Grand-Duc Henri bleift Staatschef, mee Dir als säi Lieutenant-Représentant kënnt hien, wéi mir et elo just vum Premierminister héieren hunn, bei allen Aspekter vun der Ausübung vu senger wichteger Funktioun representéieren.

Haut ass also en Dag, wou Traditioun an Erneuerung sech begéinen. Et ass en historeschen Dag fir eist Land, fir d'Dynastie an och fir d'Chamber – eist Parlament.

Monseigneur,

Et ass virun allem och e groussen Dag firlech. Dir huttlech Äert ganz Liewen drop virbereet.

Dir sidd 2000 Grand-Duc Héritier ginn an huttlech an de leschte 24 Joer bei multiplen Aktivitéiten hei am Land a bei Wirtschafts- a Finanzmissiounen am Ausland agesat.

Zanter 2005 sidd Dir Member am Staatsrot a konnt iwwert d'Joren Äert Wëssen iwwert de Fonctionnement vun den Institutiounen an déi legislativ Prozesser verdéiwen.

Mir hu gesinn, mat wéi vill Asaz, mat wéi vill Kompetenz an - ech wëll dat och soen-, mat wéi vill Begeeschterung Dirlech net nëmmen op Äer zukünfteg Aufgabe virbereet hutt, mee alles drugesat hutt, fir am Déngscht vun eisem Land a senger Leit ze stoen.

Elo, Monseigneur, kënnt firlech eng nächst Etapp.

Dir sidd prett, fir déi Responsabilitéiten ze iwwerhuelen, déi de Grand-Duc, eise Staatschef an Äre Papp,lech uvertraut.

Dir sidd prett a freetlech op dat, wat oplech zoukënnt.

Dir wësst, wéi vill eist Land a seng Leit mat der groussherzoglecher Famill verbonne sinn.

Dir wësst, wellech besonnesch Relatioun Lëtzebuerg mat der Grande-Duchesse Charlotte a mam Grand-Duc Jean, aus der Geschicht raus, awer och wéinst hirer Perséinlechkeet, hat.

Dir wësst, wéi vill Är Elteren, duerch hir Präsenz an hiren Asaz, den Awunner vun eisem Land an de Lëtzebuerger iwwert d'Grenzen eraus bedeiten.

Dir sollt och wëssen, datt mir Vertrauen an Iech hunn, Monseigneur, an an d'Grande-Duchesse Héritière, an drop zielen datt Dir eist Land mat Dignitéit an Devouement vertriecht wäert.

Mir sinn iwwerzeegt, datt Dir, Monseigneur, Äre Papp, de Grand-Duc ganz gutt bei senger wichtegen Aufgaben ënnerstëtze wäert.

Ech géing Iech elo bidden, Monseigneur, fir bei dësem Mikro ze kommen, fir virun der Chamber den Eed ze leeschten, deen den Artikel 58 vun eiser Verfassung virgesäit.

Ech liesen Iech den Text vum Eed vir. Ech bidden Iech Är riets Hand an d'Luucht ze hiewen an en ze widderhuelen.

« Je jure d'observer la Constitution et les lois
et de remplir fidèlement mes attributions constitutionnelles. »

Ech ginn Iech heimat Akt vun Ärem Eed.

Am Numm vun der ganzer Chamber wëll ech Iech, Monseigneur, vu ganzem Häerze felicitéieren. Mir wënschen Iech gutt Réussite bei Ären neie Funktiounen als Lieutenant-Représentant.

Ech wär frou, Monseigneur, wann Dir elo géift e puer Wuert un d'Chamber riichten.